LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 8 octobre 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 OCT. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1107 du 23 août 2019 de l'honorable député Monsieur Sven Clement, concernant les plaques d'immatriculation, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 OCT. 2019

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°1107 vum 23. August 2019 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

Den honorabelen Deputéierte Sven Clement freet a senger parlamentarescher Fro ob et sënnvoll ass fir speziell Immatrikulatiounsplacke fir Elektroautoen anzeféieren.

Mat Bezuch op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°960 sief nach emol betount, datt et aus Sécherheets- an ëmwelttechnesche Grënn net sënnvoll ass, fir verschidde Vitesse op den Autobunne fir ënnerschiddlech motoriséiert Gefierer ze erlaben, wouduerch eng spezifesch Identifikatioun vun deenen eenzelne Gefirer och net noutwenneg ass. Och bei ëffentleche Parkplaze mat Opluetstatiounen, wou eng Identifikatioun vun Elektroautoen eventuell interessant kéint sinn, ass esou eng Erkennung net noutwenneg, well nëmme Gefierer do parken däerfen, déi och wierklech lueden an deemno kloer siichtbar per Kabel un d'Opluetstatioun ugeschloss sinn.

Well et och soss keng spezifesch Exceptioune fir esou Gefierer am Code de la Route ginn, ass net geplangt fir speziell Plackennummeren op Grond vun der Motorisatioun anzeféieren.

Ob den aktuelle fixe Radaren gëtt och kee Filtrage vu Placke oder verschiddenen Typpe vu Placke gemaach.